N°3800
Entrée le 20.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Mir goufe Fäll zougedroen, bei deem Dierwiechter (Huissier de justice) zesumme mat der Police a Wunnengen eragaangen sinn an d'Schlass gewiesselt hunn, ouni datt d'Proprietaire virdrun informéiert goufen. D'Fäll hu de Locatairë betraff.

Een Dierwiechter muss a senger Funktioun Justizentscheedungen duerchsetzen. Et stellt sech allerdéngs d'Fro vun der Proportionalitéit, wéi dës Moossnamen ëmgesat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Dierf een Dierwiechter een Dierschlass a sengen Interventiounen wiesselen?
2. Dierf een Dierwiechter dat och, wann d'Wunneng enger anerer Persoun gehéiert, déi net vun der Justizentscheedung betraff ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés